déi gréng

EIS EQUIPE

EIS THEMEN

CAMILLE GIRA
CHRISTIANE WICKLER

MÉI GRÉNG. MÉI VERANTWORTUNG.

MÉI GRÉNG. MÉI VERANTWORTUNG.

déi gréng treten bei den Wahlen vom 20. Oktober an, um Verantwortung für die Menschen in Luxemburg und für die Zukunft des Landes zu übernehmen.

Die Regierungskrise, die zu Neuwahlen geführt hat, vor allem aber die steigende Arbeitslosigkeit und die defizitären Staatsfinanzen sind große Herausforderungen, die neue politische Ideen verlangen.

déi gréng stehen für ein weitsichtiges und verantwortungsbewusstes Handeln, welches die Schaffung von neuen Arbeitsplätzen und Umweltschutz verknüpft. Weil wir soziale Gerechtigkeit und Inklusion zum Leitmotiv der Politik machen, stärken wir Familien und Kinder in allen sozialen Schichten.

In den großen wie in zahlreichen kleinen Gemeinden haben wir über die letzten Jahre gezeigt, dass mit grüner Energie neue wirtschaftliche Dynamik entsteht und die Lebensqualität der Menschen wächst. Am 20. Oktober gilt es nun, diese grüne Verantwortung auf die nationale Politik zu übertragen.

PLUS VERT. PLUS RESPONSABLE.

déi gréng se présentent aux élections du 20 octobre parce que nous sommes prêts à assumer la responsabilité pour l'avenir du Luxembourg et de ses habitants.

L'accroissement du chômage et le déficit budgétaire de l'Etat représentent des défis considérables. Couplés à l'actuelle crise du gouvernement, qui a mené aux élections anticipées, ces défis demandent de nouvelles idées politiques.

Les Verts mènent une politique responsable et durable dans laquelle l'emploi et la protection de l'environnement se renforcent mutuellement.

Dans la mesure où la justice et l'inclusion sociale sont des thèmes qui nous servent de fil conducteur à travers notre politique, nous apportons un soutien aux familles et aux enfants de toutes les couches sociales.

Dans les communes où les Verts portent la responsabilité, dont les plus grandes du pays et de nombreuses autres, nous avons démontré que de nouveaux emplois peuvent être créés et que la qualité de vie et la cohésion sociale doivent être renforcées.

Il s'agit désormais d'assumer cette responsabilité également au niveau national.

Camille Gira,
Christiane Wickler

SREL-Affäre: Aufklärung und Reformen sind wichtig

Weil der Geheimdienst völlig außer Kontrolle geraten ist, waren die Bürgerrechte in Luxemburg konkret in Gefahr. Es gab gravierende Missstände, gegen die auch der verantwortliche Minister, Jean-Claude Juncker, nicht angemessen eingeschritten ist. Daher hat der SREL-Untersuchungsausschuss in seinen mehr als 50 Sitzungen eine wichtige Arbeit geleistet: Er hat Missstände aufgedeckt und konkrete Reformen angestoßen.

Auf diesen Vorschlägen kann die kommende Regierung aufbauen und dafür sorgen, dass alle Bürgerinnen und Bürger Vertrauen in eine unabhängige Justiz und verantwortliche Politik haben können. Das ist wichtig, denn nur so sind ein gut funktionierender Staat und garantierte Bürgerrechte möglich.

EN FRANÇAIS S.V.P.

Trouvez l'intégralité de cette publication en langue française sur notre site WWW.GRENG.LU

EIS EQUIPE
FIR DEN NORDEN

MÉI GRÉNG. MÉI VERANTWORTUNG.

55 Joer, Biekerech, Deputéierten, Buergermeeschter, President vum Syndikat „De Réidener Kanton“

Meng Ëmwelt, maï Liewen.

Déi eemoleg Natur an déi gewuesse Kulturlandschaft sinn de gréisste Räichtum vum Éislek. Mir däerfen dat Potential net duerch ee blanne Wuesstem futti maachen an eis Identitéit duerch grujeleg Gebaier an den Dierfer an duerch d'Zoubetonéiere vun der Landschaft verspillen.

Mir wëllen eng Regioun, déi op Wuesstem mat Mooss setzt, mat wirtschaftlechen Aktivitéiten déi bei eis passen:

> eng nohalteg Landwirtschaft am Aklang mat der Ëmwelt, déi Liewensmëttel an der Regioun fir d'Regioun produzéiert

> een doucen Tourismus deen de Leit eis eemoleg Kulturlandschaft méi no bréngt.

53 Joer, Angelduerf, Entrepreneur, Presidentin vun der FFCEL, Fédération des Femmes Cheffes d'Entreprises du Luxembourg

Gréng Energie fir eng gesond Economie

Mir wäerte mat couragéiertem Entrepreneursgeescht eis Aen opmaache fir déi nei economesch Realitéit op eisen Handelsweeër ze gesinn an zu eisem Virdeel ze notzen.

Ecologie an Economie funktionéiere gutt zesummen. Un eis ass et, dat Potential fir den Norden ze notzen, am Interesse vun eis all a vun de kommende Generatiounen.

Handwierks- a Bauerebetriber sinn déi wichtegst Partner beim Energiespueren a bei der Produktioun vun nohaltiger Energie.
Den Norden ass mat senger naturverbonnener Kreativitéit de Leader fir energieautonom ze ginn, d'Ambitioun vu muer. Do kënne mir léieren an Aarbechtsplaze schafen, d'Kafkraaft an der Regioun halen, a mir iwwerhuelen eis Verantwortung am Beräich Klimaschutz.

46 Joer, Useldeng, Professeur-Ingénieur am Atert-Lycée zu Réiden, Schäffen, Vize-President vum Naturschutzsyndicat SICONA

green jobs fir den Norden

De Klimawandel, de wuessenden Energieverbrauch a méi knapp Energieressourcen, dat sinn d'Erausfuerderungen un eis Gesellschaft elo an an der Zukunft.

Dësen Erausfuerderunge musse mir eis stellen; ech maachen dat zënter 1997 als President vum kantonalen Energieberodungsbüro. Am Atert-Lycée hat ech d'Chance fir zesumme mam lëtzebuerger Handwierk eng nei Technikerausbildung op d'Been ze stellen, de Gebaitechniker; eng Formatioun am Energieberäich, déi um Arbechtsmaart, dringend gebraucht gëtt.

D'Schoul muss sech awer dëser Erausfuerderung an allen Ausbildungsberäicher stellen, sief et an de Beruffer, am Handwierk an an der Landwirtschaft oder ganz allgemeng am Lycée, fir eis Jugendlech an domat eis Gesellschaft fit fir d'Zukunft ze maachen.

50 Joer, Ell, Versécherungsagentin , Schäffin, Presidentin vum Genderhaus

Gläich Chancen

Eist Gesellschaftsbild huet sech staark geännert. Nëmme wa Fraen a Männer eng fair Chance a Famill a Beruff kréien, kënne si sech ergänzen an eis Gesellschaft viru bréngen. Duerfir ass eng qualitativ héichwäerteg Betreiung, déi de Kanner hire Bedierfnisser ugepasst ass, ëmmer méi wichteg.

Mir wëllen d'Fraen a Politik a Wirtschaft stäerken. Vun enger méi gerechter Opdeelung vun den Aufgaben tëschent Männer a Fraen a méi flexibelen Aarbechtszäite profitéiere souwuel d'Partner wéi och hir Kanner.

59 Joer, Ettelbréck, Fraktiounsekretär, Gemengerot

Bei gréng rullt et!

Wësst Dir, dass zu Lëtzebuerg den Autofuerer am Schnëtt 12 Stonnen de Mount am Stau steet? Zäit fir Aarbecht a Fräizäit geet verluer an onnëtz Ofgasen entstinn. Wunnen, Aarbecht a Fräizäit mussen dofir besser matenee verknäppt ginn.

Mir brauche méi en effikassen ëffentlechen Transport a sécher Weeër fir Vëlo a Foussgänger. Bus an Zuch mussen zouverlässeg verbonne sinn. A wann dat owes net méi passt, ass de präiswäerten Internet E-Taxi mindestens sou sënnvoll am ländleche Raum, wéi just an der Stad.

57 Joer, Reiler, Gemeng Clierf, Ingénieur-technicien IST, Gemengerot, President vum Geschäftsverband Clierf, President vum CSN Clervaux, President vun de „Frënn van de Cliärrwer Guiden a Scouten“

Den Tourismus ass eise Räichtum

Den Tourismus ass fir den Norden e wichtegt Wirtschaftsstandbeen. Grad d'Éislek huet e kulturhistorescht Potential, a kulinaresch Pärele fir den doucen Tourismus konsequent ze entwéckelen. Zesumme mat de lokalen an regionalen Acteurë musse mir dëst wirtschaftlecht Kapital fir den Norden intensiv opbauen an ons Stäerkte besser vermaarten.

D'Erhale vun eisen Naturlandschaften a proppert Waasser stinn op eiser Prioritéitelëscht.

45 Joer, Ënsber, Assistante sociale

Mir loosse kee falen!

Duerch mäi Beruff a mäin Engagement bei ATD Quart Monde hunn ech erlieft, datt all Mënsch aktiv an der Gesellschaft deelhuelen a seng Erfahrungen abrénge kann. All Mënsch ass wäertvoll an huet Kapazitéiten an Talenter.
Déi verschidde Liewensberäicher (Aarbecht, Wunnen, Kultur, Gesondheet,...) musse matenee verbonne sinn an dem muss Rechnung gedroe ginn beim Ausschaffe vu Projeten a Gesetzer.

Vun Ufank u musse mir all Mënsch déi selwecht Chancen op sengem Liewenswee ginn, an och hei am Norden verstäerkt Strukture förderen, déi vun der Gebuert un jidderengem hëllefen, an Ënnerstëtzung a méi schwéiere Momenter vum Liewe ginn.

48 Joer, Dikrech, Physiksprof am Dikricher Lycée, Gemengerot, President vun der Denkfabrik Nordstad, Beienziichter

Neit Liewe fir d'Nordstad

D'Nordstad muss d'Entwécklung an der Regioun Dikrech/Ettelbréck virubréngen.
Mir brauchen eng besser Zesummenaarbecht tëscht de Ministèren an de Gemenge fir méi Liewensqualitéit mat manner Käschten. Mir brauchen urbane Wunnraum an Aarbechtsplazen duerch ee passend Wuesstem vun den Zentren an den Uertschaften, an net eng Zersiedlung vun eiser Landschaft.

Mir brauche kuerzfristeg Verbesserunge fir datt de Bus net bei Dikrech an Ettelbréck am Stau hänke bleiwt.

Mir mussen d'Bierger abannen! Sie hu méi regional Iddien a Courage wéi eis aktuell Politik. Kierchtuermspolitik ass dee falsche Wee fir d'Zukunft.

57 Joer , Ettelbréck, Gemengeréitin, engagéiert am Drëttweltbutték an am Theatergrupp „Rido op“

Bezuelbart Wunne fir jiddereen

Déi onerschwinglech Wunnengspräisser stellen e reelle Problem fir vill jonk Famillen an eeler Leit duer.

Mir kënnen net de Privatpromoteuren de Wunnengsmaart alleng iwwerloossen. Staat a Gemenge mussen aktiv ginn. Mir wëllen de Gemengen déi néideg Ënnerstëtzung gi, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen.

Mir musse méi an de soziale Wunnengsbau investéieren a Generatioune-Projeten ënnerstëtze, wou Jonk a manner Jonk zesummen eng héich Wunn- a Liewensqualitéit fannen, a wou si och déi Servicer ugebuede kréien, déi si am Alldag brauchen.

« Green Jobs » spillen och am Norden eng ëmmer méi wichteg Roll a bidden eise Jugendleche Chancen op sécher an zukunftsorientéiert Aarbechtsplazen.

Mir hunn d'Éislek net vun eise Grousseltere geierft, mee nëmme vun eise Kanner geléint!

déi gréng Norden

INVITATIOUN
MIR KOMME BEI IECH!

DËNSCHDEN, 1.OKT.
ETTELBRÉCK
FESTSALL VUN DER GEMENG

UM 19.30 AUER
PLACE DE L'HÔTEL DE VILLE

> Grouss Wahlversammlung fir de Bezierk Norden mat den Deputéierten an de Kandidatinnen a Kandidaten

> Grand Meeting électoral pour la circonscription Nord avec nos député-e-s ainsi que nos candidates et candidats

> **Lors de cette soirée, une traduction en langue française est assurée.**

BEGÉINT EIS EQUIPE FIR DEN NORDEN OP DE GRÉNGEN INFOSTÄNN
RENCONTREZ NOS CANDIDATS SUR NOS STANDS D'INFOS

Samschden 28.9. & Sonnden 29.09.
Stand op dem Hierschtfest zu Dikrech

Samschden 05.10.
Stand an der Foussgängerzon zu Ettelbréck

Sonnden 06.10.
Stand zu Uewerpallen

Samschden 12.10.
Stand an der Foussgängerzon zu Ettelbréck

Unser Wahlprogramm und mehr Informationen über unsere Aktivitäten auf WWW.GRENG.LU Sie können unser Programm auch in deutscher oder französischer Sprache bestellen (Tel: 27 48 27 1).

Veuillez trouver les différents éléments de notre campagne électorale en français sur WWW.GRENG.LU
Vous pouvez commander notre programme électoral en langue allemande ou française (tél : 27 48 27 1).

CONTACT

déi gréng
1, rue du Fort Elisabeth
L-1463 Luxembourg
greng@greng.lu

WWW.GRENG.LU

déi gréng

LËSCHT 6